ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 25. Abrëll 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister, den Här Bausseminister an den Här Policeminister weiderzeleeden.

D'"Wiener Übereinkommen über diplomatische Beziehungen" schreift de Gaaschtlänner am Ëmgang mat auslänneschen Ambassaden am Artikel 22, Paragraph 2 déi follgend Flichte vir: "*Der Empfangsstaat hat die besondere Pflicht, alle geeigneten Massnahmen zu treffen, um die Räumlichkeiten der Mission vor jedem Eindringen und jeder Beschädigung zu schützen und um zu verhindern, dass der Friede der Mission gestört oder ihre Würde beeinträchtigt wird*".

Rezent koum et awer souwuel zu materiellen, wéi och zu psychologeschen Iwwergréffer op déi russesch Ambassade zu Lëtzebuerg, déi och en Echo an der internationaler Presse fonnt hunn. Sou gouf d'Gebai engersäits mat Graffiti besprayt an anerersäits gouf och en Imitat vun engem Verkéiersschëld opgestallt, wat um Wee bei d'Vertriedung vun der russescher Federatioun zu Lëtzebuerg follgend Destinatioun ugëtt: "*Ambassade de POUTINE, criminel de guerre*".

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Regierung matdeelen, wéi vill där beschriwwener Fäll zënter dem 24. Februar dokumentéiert goufen a wéi oft se zu enger Enquête duerch déi zoustänneg Autoritéite gefouert hunn?
2) Wéi eng Konsequenzen zitt d'Regierung aus dëse Virfäll, fir d'russesch Vertriedung an Zukunft méi effikass ze schützen? Wéi beurteelt d'Regierung an deem Kader hir eege Roll als Empfangsstaat an ass si der Meenung, datt si hir Flichten, déi heiraus ervirginn a leschter Zäit ëmmer am néidege Mooss wouergeholl huet?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten